# LES SACRIFIÉS

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force




**N° 10 - 1980**

19e année

Prix 15.- frs. lux.

Abonnement : 120.- frs

## AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW

## 35e Anniversaire du Retour de Captivité

Fédération :
9, rue du Fort Elisobeth
Luxembourg

**LIVRE** **Paul Cerf**

## De l'épuration au Grand-Duché de Luxembourg après la seconde guerre mondiale.

Un manque le place notoire dans notre bulletin est la cause du recul temporaire de la présentation du livre de Paul CERF et qui porte le titre que ci-dessus. Mais mieux vaut tard que jamais.

La présentation eut lieu le 24 avril 1980 dans la salle des fêtes de l'imprimerie Saint-Paul à Luxembourg et c'est des presses de cette dernière que sortit le livre en question.

Disons d'emblée qu'il s'agit d'un livre, dans lequel sont traités des événements que bien des personnes aimeraient oublier à tout jamais. Pour mettre à nu une époque capitale de notre passé, il fallait que Paul Cerf fasse preuve de beaucoup de délicatesse et de doigté. Il fallait dépasser le stade purement familial, invidual, personnel et subjectif pour brosser une vue d'ensemble de ce qui c'est passé durant les années, où notre pays essuyait le joug de l'occupation de l'Allemagne nazie, caractérisé essentiellement par des actes de terrorisme brutal des «Herrenmenschen», et qui n'acceptaient que trop volontier l'aide leur apportée par de misérables traîtres luxembourgeois.

Paul Cerf a donc osé, — et c'est là son très grand mérite, — analyser le processus de l'épuration, telle qu'elle fut pratiquée au Luxembourg après la libération. Qu'il y ait eu des bavures, est bien connu. Nous savons aussi que ce n'était pas facile, après la guerre d'éliminer les boucs des brebis.

Pour attaquer le sujet, il fallait dire quelles personnes ont commis tels crimes, ce qui n'est certes pas du goût des gens qui, par quel moyen que ce soit, ont trinqué dans la collaboration avec les nazis.

Ce qui surprendra sans aucun doute nombre des Enrôlés de Force, en lisant ce livre, c'est l'empleur de la collaboration avec l'occupant. Nous le disons franchement: Nous sommes choqués de ce qui se faisait pendant notre plus moins longue absence au Grand-Duché.

Quelques chiffres: 2.272 condamnations prononcées par les tribunaux à l'égard de collaborateurs allant de la peine à mort (12, dont 8 sentences furent exécutées) jusqu'à des peines de réclusion de 5 à 20 ans (645), en passant par des peines de travaux forcés de 5 ans à perpétuité (249) et des peines d'emprisonnement de moins de 5 à 20 ans (1.366).

Mais ce n'est pas tout! A ce bilan écoeurant venaient s'ajouter 10.135 poursuites politiques, dites de l'épuration pénale, et encore l'épuration administrative avec plus de 20.000 dossiers. C'est énorme!

Pour nous, Enrôlés de Force, ce livre est d'un intérêt tout-à-fait particulier. Si, jusqu'alors, un voile pudique recouvrait les agissements des traîtres et «Gielemännercher» luxembourgeois, Paul Cerf nous a démontré, en levant ce voile, que la collaboration d'un nombre exaspérant de ressortissants luxembourgeois avec ce néfaste régime nazi, représente une page plus que triste de l'histoire contemporaine de notre pays. Il ne nous vient pas l'esprit de ranimer des tendances pernicieuses à l'égard de gens qui ont trahi leur Patrie, mais nous recommandons tout simplement la lecture de l'ouvrage de Cerf à nos compagnons d'infortune, pour qu'ils s'instruisent afin de mieux comprendre bien des choses.

On peut se procurer ce livre «EPURATION» en librairie au prix de 840 F.

s.n.

## Neijohrsgratulatiounen

**Encouragéiert duerch dee schéinen Succès vun deene lèschte Johren, hu mir beschloss och dest Johr Är Gratulatiounslëschten am «Les Sacrifiés» ze publizéieren.**


**Et as dat de Beweis vum Komeroodschaftsgeescht ënner den «Enrôlés» engersäits an hiere Frënn anersäits, eng Komerodschaft op der ons Stärkt baséiert.**

**Et as awer och eng gudd Geléenheet fir ons Solidaritéit no baussen ze démonstréieren. Dir erspuert Iech Méi an Zäit, wann der Iech op eng vun deene Lëschte setze loosst, déi dene lokalen Komitésmembren zur Verfügung gestallt gouwen. Da sitt Dir sëcher nët vergiéss ze gin.**

**Et geet natirlech och, wann Dir 50 Frang op de Postscheck-Konto No 31329-95 vun der Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force, Luxembourg, iwerweist. Schreiwt Äre Numm an Adress däitlech, w.i.g.**

**D'Redaktioun**

**Wann Dir är Wunnéng wiesselt, da mellt äis, w.i.g., är aal Adress mat dèr neier, an zwar am bèschten wann Dir äis schreiwt, un «Fédération V.N.E.F.» Luxembourg, boîte postale 2415.**




**Tirage 8000**

### Aus dem Inhalt

Paul Cerf: De l'épuration au Gr.-D. de Luxembourg après la seconde guerre mondiale.
Neijohrsgratulatiounen
Résolution
Journée commémorative nationale des V.N.E.F.
Diekirch: Le calvaire des E.d.F.
«Face-à-face»-Gespräch E.d.F. CSV bei RTL.
Undenken un den Alois Wagner
Programme du 35e anniversaire du retour de captivité à Tambow

**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force, Association sans but lucratif.**
Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth. - Boîte postale **2415 Luxembourg-Gare.**
**C C P 31329-95**
**Banque Intern. : 5-217/4546.**
Rédaction du bulletin mensuel «Les Sacrifiés», Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale **2415 — Luxembourg-Gare.**
**Service social aux Enrôlés de Force,** 9, rue du Fort-Elisabeth, Luxembourg-Gare.
**Tél.. 48 32 32.**
**Fonds d'Action** C C P 21049-97
La Fédération représente :
**l'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois,** c/o M. Paul Simonis, Luxembourg, 7, rue Adolphe ● **la Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945,** Résidence Jean-Charles - 5, rue du Cimetière, Luxembourg-Bonnevoie - Tél.: 48 97 76 - c c p 28633-18 ● **l'Amicale des Anciens de Tambow,** Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, C.C.P. 24007-48 ● **l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg.-Gare, C.C.P. 31324-90. ● **Association des Survivants des Enrôlés de Force a.s.b.l.,** Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth. Son bureau fonctionne chaque premier et troisième mercredi du mois entre 15 et 17 heures. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reef, 30, rue F. Seimetz, Luxbg., tél.: 47 01 83
Imprimerie Hermann, Luxembourg

## Nët schlecht, mä . . . . .

Endlech, esou huet et wéinegstens den Uschäin, gesi mir un d'Enn vun enger laanger a méi wéi verdrësslecher Zäit. Dee grousse Misär, deen fir déi vum Joergank 1920 schon 1941 ugaange war, — fir all aner aus de Joergäng vun 1921 bis 1927 koum datselwecht e bës'che méi spiét, — hätt eigentlech mat dem Krichsenn oder spéidestens een oder zwee Joer duerno missen eriwer sin. Mä Quetschen och!

Misär a Verdross, drop an derwidder, gonge weider fir äis, déi mir deemols a bis haut am Volleksmond «d'Jongen an d'Meedercher» genannt gouwen. Fir ronn d'Halschent vun deene «Jongen» huet e fréizäitegen Doud d'Enn vum ganze Wouscht gesaat: Déi eng haten d'Zangsrekrutéirung nët iwerstan, déi aner sun un de Folgen dervun gestuerwen. Hinnen all blouf zousätzlech zu hirem grujhlechem Calvaire an hirem Affer ganz einfach dat versot, wat allgeméng als moralesch Satisfaktioun gëllt fir en Déngscht, de mir Enrôlés de Force dem Lëtzebuerger Land an dem Vollek erwiesen hun.

Elo, — a loosse mer äis tréischten: Léiwer spéit wéi nie! — as et esou wäit. Zënter dem Nométteg vum 5. September 1980 läit e Gesetzprojet vun der Regierung um Dësch, deen d'Resultat as vu Verhandlungen, déi den 22. Januar 1980 ugefaangen haten an tëschend enger Delegatioun vun der Regierung an enger vum Comité vun der Fédératioun V.N.E.F. gefouert gouwen.

Nodeem de Fédératiounscomité dee Projet anlyséiert a säin Avis derzou oofgin hat, stong en eng zweete Kéier de 27. September 1980 zur Diskussioun, an dat op der aussergewéinlecher Generalversammlung vun de Landesdelegéierten zu Hesper. D'Entscheedungen, déi do getraff gi sin, gouwen an enger Resolutinoun festgehalen. Den Text dovun steet hei hannendrun. Den Här Staatsminister krut se den 8. 10. 1980 zougestalt.

Et as bekannt, datt de Problem vun der Zwangsrekrutéierung zwee ganz spezifesch Ponkten begräift, an zwar:

1. d'Eliminatioun vun déier Diskriminatioun vun den Enrôlés de Force, wéi se geschaafe gouf mot dem lëtzebuergesche Krichsschiedegesetz vum 25. Februar 1950;
2. eng Verbesserung vun de Bestëmmungen, wéi se am Gesetz vum 26. März 1974 enthale sin, a woumat den Naziaffer (nët nëmmen den E.d.F.) Zouschëss zu Renten a Pensiounen bezuelt gin, wann se wéinst Invaliditéit sech fréizäiteg aus dem Berufsliewen zerékzéie mussen, oder bei fréizäitegem Doud.

Béid Ponkten si vu gläicher Importenz, mä d'Léisung oder d'Regelung vun deem leschten presséiert.

Wéi scho gesot, zu Hesper gouwen doriwer d'Usiichten an de Standpondt vun den Enrôlés de Force festgeluecht. Den Zentralcomité as chargéiert gin, mat der Regierung ze verhandelen a soll kuerz no dem 31. Dezember 1980 de Landesdelegéierten e Rapport viirléen. Op Grond vum Resultat vun deene Verhandlungen, esou hun d'Delegéiert sech et virrbehalen, soll ëntscheed gin, ob d'E.d.F. sech un de Geméngewahlen bedeelegen oder nët.

Oofschléissend kann ee soen: Nëtt schlecht as dat, wat esou wäit realiséiert as, mä et bleiwt dach nach en Etleches an d'Rei ze bréngen. Mat e bës'chen guddem Wëll misst dat ze maache sin, an dat ëm esou méi, well et näischt Onméigleches as. Esou wéi mir an der Vergaangenheet äis op d'Solidaritéit vun den E.d.F. stäipe konnten, rechne mir neierdéngs mat dem Versteestemech vun eise Politiker.

s.n.

## RESOLUTION

**Les délégués des sections locales de l'Association des enrôlés de force, ainsi que les délégués des autres associations se regroupant dans la Fédération des victimes du nazisme enrôlées de force,**

**réunis en assemblée extraordinaire à Hesperange le 27 septembre 1980 ont pris connaissance du projet de loi que le Gouvernement leur a proposé à la date du 5. 9. 1980 pour résoudre une fois pour toutes le problème de la discrimination dont les enrôlés de force se sentent la victime depuis trente ans.**

**expriment leur satisfaction que le Gouvernement au pouvoir respecte ses promesses exprimées dans la déclaration gouvernementale du 24. 7. 1979 et les fait suivre d'actions concrètes pour faire disparaître aussi bien sur le plan moral que matériel la discrimination des enrôlés de force engendrée par la loi de 1950 sur les Dommages de Guerre,**

**ont entendue le rapport que leur ont fait les responsables des pourparlers menés à cet effet avec le Gouvernement,**

**ont par la suite analysé le texte leur soumis pour prise de position,**

**constatent que le texte répond à leurs desiderata et leur donne satisfaction,**

**proposent toutefois une modification rédactionnelle en ajoutant à l'intitulé «et complétant la loi du 25 février 1950 concernant l'indemnisation des dommages de guerre»,**

**exigent que par les règlements grand-ducaux prévus à l'article 3 aucune nouvelle discrimination ne puisse être créée,**

**demandent en outre que le texte de ces règlements soit soumis pour avis préalable à l'Association des Enrôlés de Force,**

**acceptent donc ce projet de loi à l'unanimité,**

**invitent le Gouvernement de soumettre ce projet de loi aussitôt que possible au vote de la Chambre des Députés pour le faire entrer en vigueur dans les meilleurs délais.**

**Les délégués ont d'autre part entendu le rapport des responsables sur les entrevues avec le Gouvernement sur la réalisation de la revendication tendant à accorder la retraite anticipée à leur demande aux personne devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant et portant fixation de suppléments de pensions afférents,**

**constatent que ces discussions s'avèrent difficiles,**

**prennent connaissance que par lettre du 25 septembre 1980 le Gouvernement s'est déclaré d'accord avec deux modifications de la loi du 26 mars 1974 sur les suppléments de pension aux victimes du nazisme invalides, dont**

**a) réduction du délai prescrit à l'article 1. de 6 à 2 mois,**
**et**
**b) harmonisation de la procédure prescrite par l'article 2. relative à la constatation de l'invalidité des personnes concernées,**

**demandent une mise à la pension anticipée et sur leur demande à l'âge de 55 ans.**

**les délégués des enrôlés de force se rendent compte que, quoique le projet de loi pour écarter la discrimination des enrôlés de force leur soit présenté, il reste néanmoins encore à être coulé en force exécutoire, et de plus, quoique les propositions du Gouvernement en matière de pensions d'invalidité précoce commencent à se faire plus précises et plus avantageuses à l'égard des enrôlés de force, elles sont encore loin de donner satisfaction à leurs membres malades, invalides et marqués par les affres de la guerre,**

**chargent le comité central de poursuivre les pourparlers avec le Gouvernement pour résoudre cette question de la pension anticipée,**

**exigent du comité central de faire rapport aux délégués sur le résultat de ces entrevues peu après le 31 décembre 1980,**

**font donc appel aux membres de poursuivre leurs activités pour une solution adéquate de leurs problèmes, de faire preuve de cohésion et de camaraderie qui est la force de la Fédération et, de décider au vu du résultat des dits pourparlers avec le Gouvernement d'entrer, oui ou non, en lice des élections communales en octobre 1981.**



# Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force

Am 7. September 1980, dem alt- und landbekannten «Baueresonndeg» fand in der Hauptstadt die zur Tradition gewordene «Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force» statt. Wie bei selbiger Gelegenheit in den vorangegangenen Jahren, wurde auch diesmal dieser Tag gekennzeichnet vom eindrucksvollen Bekenntnis der Verbundenheit der Enrôlés de Force, die das Andenken an die vielen Altersgefährten wachhalten, die wegen des unerbittlichen Schicksals der menschenrechtswidrigen Zwangsrekrutierung den Tod erlitten, sei es in frühester Jugend, oder sei es in den später nachfolgenden Jahren.

Als die Feiern am ehemaligen Hollericher Bahnhof begannen, dort wo heute, dank einer lobenswerten Initiative des Vorstandes der hauptstädtischen Sektion der Zwangsrekrutierten, das «Monument National de la Déportation Civile et Militaire» steht, war die Sonne mit dabei. Uns schien es, als stünden die allzu früh von uns gegangenen Schicksalsgefährten im Bunde mit dem Wettergott, --- so als hätten sie








ihn günstig beeinflußt, um uns, den Ueberlebenden, ihre Anerkennung kund zu tun.

Inmitten der zahlreichen Mitglieder unserer Vereinigungen, Sektionen und Amicalen, sahen wir Georges Thorn, Präsident des Verwaltungsrates der luxemburgischen Eisenbahnen Justin Kohl, Generaldirektor der C.F.L., die Abgeordneten und ehemaligen E.d.F. Pierre Frieden, Ed. Juncker und Dr. Rob. Angel, sowie die Vertreter des Israelitischen Konsistoriums, der Entente der Hollericher Vereine und der «Amicale des Volontaires de Guerre 1944-45».

Eingeleitet wurde die Zeremonie am Hollericher Bahnhof mit einem Konzert der «Harmonie Municipale, Limpertsberg», unter der Leitung von Johny Frantz. Anschliessend wurde ein Blumenkranz, resp. Blumengebinde niedergelegt am Fuße des Monumentes von:

André Frisch, Präsident der hauptstädtischen Sektion der E.d.F., begleitet von den Vizepräsidenten Camille Hansen und Ernest Steichen;

Paul Kellen, Paul Delagardelle und Marcel Kirpes im Auftrag der «Entente des Sociétés de Hollerich»;

Sigefroi Joseph und Gaston Hertz namens des Israelitischen Konsistoriums;

Louis Closter und Will Urbing für die «Amicale PoW-Camp de Compiègne.

Während der Blumenniederlegung spielten die Limpertsberger Musiker die «Sonnerie aux Morts». Und danach sprachen Pfarrer Henri Treff und Großrabiner Emmanuel Bulz ökumenische Gebete für die Opfer des Nazismus. Zum Abschluß dieser ersten Gedenkfeier wurde die «Hemecht gespielt, die von den zahlreichen Teilnehmern mitgesungen wurde.

Nach diesem eindrucksvollen Gedenkakt bildete sich alsgleich der Festzug, in welchem man sich zum Hauptbahnhof begab. Eskortiert wurde der Cortège von motorisierter Polizei, an seiner Spitze die Limpertsberger Musikgesellschaft, die flotte Marschmusik spielte.



## Am Hauptbahnhof Luxemburg

Zu einer zweiten Gedenkfeier begaben sich alle Teilnehmer am Festzug, nebst weiteren zahlreichen E.d.F. mit ihren Familienangehörigen, in's Innere des Bahnhofs. Die große Bahnhofshalle war bis zum letzten Stehplatz gefüllt, als vor dem Denkmal, das für die im letzten Weltkrieg ums Leben gekommenen Eisenbahner errichtet wurde, eine imposante Gedenkfeier begann. Unter Trommelwirbel und unter den Klängen der «Sonnerie aux Morts» wurde



das Denkmal mit Blumen geschmückt, einmal durch Jos. Weirich im Namen der «Fédération des V.N.E.F.» und ein zweites Mal durch Georges Thorn und Justin Kohl seitens der Eisenbahndirektion. Mit dem Abspielen der Nationalhymne ging diese eindrucksvolle Totenehrung zu Ende.

Daran anschliessend war es dann die schon zur Tradition gewordene Ansprache des Nationalpräsidenten Jos. Weirich. Gehalten wurde sie auf dem Vorplatz des Hauptbahnhofs. Nachfolgend den vollen Wortlaut dieser Ansprache.

Léif Elteren!
Dir Dammen an Dir Hären!
Léif Komerodinnen a Komeroden!
Léif Frënn alleguer!

Virun engem Joer hun ech op dëser Platz gesot, no dem Erfolleg von den eegene Wahlleschten, déi vun den E. d. F. fir d'Chamberwahlen vum 10. Juni 1979 opgestalt gi waren, misste mir der neier Regierungséquipe hir Chancen zougestoen. Ech sot, mir missten oofwarden, fir da feststellen ze kënnen, op d'Formuléierung vum Text an der Regierungserklärung iwert d'Erbäiféierung vun enger définitiver Léisung von den E.d.F.-Problemer och éierlech an opriichteg geméngt wär. Ech sot och, mir missten viirsiichteg sin, oppassen a virun allem nët noloossen am Verlaaf vun onse Beméihungen.



Esou hun dann och am Laaf vun de vergaangene Méint är Vertrieder an der Chamber bei jidder passender Geléenheet un déi Léisungen erënnert. A speziell den 21. Mee as duerch eng Motioun, déi d'Ennerschrëften Junker, Berchem, Majerus, Pescator a Weirich dréit, a mat 54 Jo-Stëmmen ugeholl gouf, d'Regierung opgefuerdert gin, nach am Laaf vun 1980 eng Léisung fir d'Problemer vun de Victimes du Nazisme a besonnesch déi vun den Enrôlés de Force erbäizebrengen.

Wéi dir och all wësst, sin am Laaf vun de vergaangene Méint Verhandlungen tëschend onser Fédératioun an der Regierung gefouert gin, wouriwer elo déi éischt konkret Resultater viirleien. Dës huet den Här Staatsminister e Freideg (5. September) a senger Pressekonferenz bekannt gin, an dat, nodeem en d'Delegéiert vun den E.d.F. dervun informéiert hat. Wat sin dann elo d'Viirschléi vun der Regierung?

Ech erënneren drun, datt fir ons E.d.F. zwee Haaptproblemer zeléise sin. Si alle béid si vu gläicher Wichtegkeet, an zwar:

1. d'Oofschafen vun der leschter Diskriminatioun am Gesetz iwert den Dommage de guerre vum 25. Februar 1950 mat alle sech doraus erginenen Konsequenzen, an
2. d'Vereinfachen an méi gerecht Konditiounen beim Antrëtt an eng viirgezuge Pensionéirung.





Zum **1. Problem** huet d'Regierung e Freiden den Text vun hierer «proposition de loi» viirgeluecht an iwerreecht. Duerzou huet de Fédératiounscomité a senger Sëtzung vum Freidegowend follgend Stellung bezun:

Dësen Projet as zwar textlech nët grad dat, wat mir ons viirgestalt hun. Duergéint as et awer och kee Kompromëss am Zesummenhank mat onse Fuerderongen, esou wéi et a verschiddenen Zeitungen zeliese stong. Au contraire! Dëse Projet geet an engem gewësse Sënn méi wäit, wéi ons Viirstellunge waren: Et gët nët nëmd'Dommages-de-guerre- Gesetz vun 1950 geännert, mä och d'Gesetz vum 25. Februar 1967, dat eng Rei Moßnahmen zu Gonschten vun Leit viirgesäit, déi Affer vum Naziokkupant gi waren. Ech erënneren drun, dat an dësem leschte Gesetz vun 1967, d'Enrôlés de Force am Titre 3, an zwar do wou et ëm Kierperschied geet, mat allen anere Victimen vum Nazismus gläichgestalt gouwen, mä dës selwecht moralesch Gläichstellung as äis am Titre 2 vun deem selwechte Gesetz nët zouerkannt gin. An elo gët et komplétéiert, esou wéi mir dat virun 1967 verlaangt haten. Doriwer eraus gët dann och nach d'Dommages-de-guerre-Gesetz geännert, do kënnt en Artikel 36bis derbäi.

Dir wëst alleguer, dat ons Fédératioun gefuerdert huet, den Artikel 36, wouranner d'Victimes patriotiques opgezielt gi sin, misst esou geännert gin, dat och d'Enrôlés de Force doran stin. Nu gesäit dësen Artikel 36 awer viir, dat de Beneficiär den Nowäis vu sengem acte patriotique individuel erbrénge muss. Nun hun awer terribel vill E.d.F. esou actes de patriotisme vollbruecht, vun deenen kee Mënsch ka verlaangen, dat si duerfir de Bewäis erbrënge sollen. Fir dëst ze ëmgoen, as de Viirschlag vum Här Staatsminister oni weideres ze acceptéiren, deen a senger Formuléirung genee dat selwecht seet, wéi den Artikel 36, dee viirdru steet.

E weideren Avantage vun dëser, e bës'chen komplizéierter a v'läicht nët ganz orthodoxer Prozedur, as deen, dat d'Anzéihung an den RAD elo och ganz kloer dozou gehéiert, an dat, esou wéi d'Regierungsvertrieder et an Aussiicht gestalt hun, de KHD bäigerechent ka gin.

Aus dëse Grënn méngt den Zentralcomité dëse Projet kënnen z'acceptéieren. Fir awer d'Gewëssheet ze hun, dat och ons Memberschaft heimadden d'accord as, ruffe mir fir e Samschten, de 27. September eng Assemblée extraordinaire an. Do sollen d'Delegéiert d'Méiglegkeet kréien, Stellung ze bezéien.

Dëse Projet gesäit, a kuerze Wierder ausgedréckt, da weider viir; dat jiddereen bannend sechs Méint seng Demande maache muss. D'Errechnung vun der Differenz tëschend dem Lounausfall, esou wéi en no Artikel 42 den Enrôlés de Force ausbezuelt gin as, an deem elo neien, gläiche Forfait fir jidereen pro Mount wou e fort war, geschitt duerch e règlement grand-ducal. Doriwer sin scho Verhandlungen am Gaang. D'Ausbezuelen geschitt mat Rekonstruktiounsbongen. D'Aléisungsmodalitéiten an d'Zënsen gin ebenfalls duerch réglement grandducal festgeluecht.

Wann also ons Delegéiert de 27. September hiren Accord zu dësem Projet de loi kënne gin, huet d'Regierung versprach en direkt op den

Instanzenwee ze bréngen, an no de Budgetdébatten kann dann d'Chamber gläich hire Segen dozou gin.

Domadden hät dann, wat dëse Ponkt ugeet, dës Regierung hirt Engagement gehalen, esou wéi et an hirer Regierungserklärung stong, an endlech no 30 Joer laangem Streiden hätt e bedauerlecht Kapitel an der Geschicht vun der Zwangsrekrutéierung hiren Oofschloss fond.

Wat nun ons zweet Haptfuerderung unbelangt, dat heescht eng Verbesserung vun de Konditiounen beim forcéierten, fréizäitegen Antrieden an d'Pensioun an dat oni materielle Verloscht, sin d'Informatiounen, déi ech iech ka gin, leider nët esou glécklech. D'Viirstellungen vun onser Fédératioun sin an der proposition de loi vum Jean Gremling konkretiséiert. Dës Propositioun gesäit viir, dat all Victime du nazisme op seng Demande hin kann fréizäiteg a Pensioun goen. De leschte Freideg huet d'Regierung matgedeelt, dat si sech weigert dës Propositioun ze realiséieren. Deem géintiwer as si awer bereet Verbesserungen um Gesetz vom 26. März 1974 viirzehuelen. Et as dat d'Gesetz iwert den Zouschoss bei fréizäiteger Pensioniéirong am Fall vun Invaliditéit.

Wat sech an dësem Gesetz als onglécklech erwisen huet, as d'Bestëmmung, déi verlaangt, dat ee mindestens sechs Méint huet misse fort sin. Dëst war an as besonnesch ongerecht vis-à-vis vun de Meedercher, déi nët jhust sechs Méint am R.A.D. waren. D'Regierung gesäit dës Ongerechtegkét an. Si as bereet, ëmmer no den Informatiounen vun leschte Freideg, déi Klausel vum Gesetz ze änneren duerch en Eroofsetzen vun deene sechs op zwee Méint. Wann dës Emännerung e weesentleche Fortschrët ging duerstellen, as den Zentralcomité dach awer nët iwerzeecht, ob nët dach nach deen en ader anere Fall bestoe ka bleiwen. An ech géif heimadden den Appell un all ons Memberen riichten, ons direkt matzedeelen, ob et Fäll gët, wou e Jong oder e Meedche manner wéi zwee Méint laang hätt kënnen zwangsrekrutéiert gewiescht sin, a wou elo eng fréizäiteg Invaliditéit viirläit.

Wat elo Konditiounen ubelaangt fir d'Festléen vum Invaliditéitsgrad, — si variéiren je no Pensiounsregime, bei der AIV sin 66 2/3 Prozent erfuerdert, — do huet d'Regierung deklaréiert no enger Verbesserung ze sichen. Konkret Viirschléi gouwen onsen Delegéierten nët ënnerbreet, an op hirt Drängen hin, war nach nët emol gewuer ze gin, a wat fir engem Délai eng entspriechend Propositioun kënnt viirleien.

Nu schingt ons awer jhust dëse Problem vun der viirgezugener Pensioniéirung deen ze sin, deen am meeschte prësséiert. Mir sin erstaunt, dat d'Regierung méngt, nët à même ze sin, eng Léisung op fräiwëelleger Basis kënnen erbäi ze féieren. Wann ee bedenkt, dat mir engersäits Leit forcéieren doheem ze bleiwen, déi nach gäre géiwe schaffen, — ech denken dobäi un dat éischt Tripartite-Gesetz fir d'Schwéierindustrie, — an dann op enger anerer Säit Naziaffer forcéiert sech weider op d'Arbecht ze schleefen, nëmmen aus dem Grond, well den Dokter vun hirem zoustännegen Pensiounsregime sech nët iwerzeege konnt, dat hire Gesondheetszoustand schlecht genug as fir dirfen opzehalen mat Schaffen, da froen ech mech, wou do d'Gerechtegkeet läit.

Op déier enger Säit steiert d'Allgeméngheet Milliounen bäi fir Noutstandsarbechte maachen ze loossen, a finanzéiert zesumme mat de Betrieber Arbechtslosenënnerstëtzung, an dat munnechmol och u Leit, déi nëmme jhust d'Flemm hun fir ze schaffen, anerersäits deklaréiert d'Regierung nët déi néideg Fongen ze hun, fir nach e puer Naziaffer fréizäiteg aus dem Arbechtsprozess ze entloossen an esou fräi Plazen ze schaafen fir jong Leit, déi Arbecht sichen. Et gët behaapt, dat, wann nach der «Aler» — leider zielt ons Generatioun schon zou den «Alen — a verschiddene Verwaltungen hiren Hut géingen huelen an doheem bléiwen, da géiw déi néideg Arbecht nët méi gemaach gin. Da froen ech mech allerdëngs, wéi kënnen déi méi jong Leit noréckelen, hir Verantwortung iwerhuelen, wann déi Al kéng Platz maachen?

Dir gesitt, hei stëmmt eppes nët! Un onse Vertrieder an Delegéierten as et fir sech anzesetzen, dat eng gerecht Léisung fond gët. Et as dat dann och Grond genug fir dat den Zentralcomité an der Assemblée générale extraordinaire, déi e Samschdeg, de 27. September zu Hesper am Centre Civique um 4 Auer as, des Fro zur Debatt stellt, an d'Delegéiert bestëmme léist, wat an dëser Problematik ze geschéien huet. Do sollen d'Richtlinien bestëmmt gin, wat an deenen kommende Méint ze ënnerhuelen as, fir dat mer och an dësem Ponkt Satisfaktioun kréien. Bis zum 27. September hofft den Zentralcomité am Besëtz vu méi konkrete Viirstellungen vun der Regierung ze sin.

Léif Elteren!
Dir Dammen an Dir Hären!
Léif Komerodinnen a Komeroden!

Dir gesitt elo, datt onst Streiden an onsen Asaaz nët ëmsoss waren a sin. Nach si mir nët endgülteg un onsem Ziel ukomm. Mir brauchen nach d'Solidaritéit vun all onse Memberen a vun onse Sympathisanten fir och déi lescht Hënnernësser ze iwerwannen, fir esou deene wéinegen, déi zwar wëllen, mä nët kënnen ophale mat Schaffen, zu hirem Recht ze verhëllefen. Wéi an der Vergaangenheet, esou zielt och an der Zukunft den Zentralcomité op iech. Mir brauchen d'Ennerstëtzung vu jidderengem, grad wéi d'Presenz vun all Eenzelnen haut hei wichteg as. Ech soen Merci fir är Presenz, Merci am Numm vun den Elteren, de Kranken an de Mütiléierten, déi hei nët kënnen derbäi sin. Ech wëll nët verfehlen, vun dëser Plaz aus de Merci vun den Enrôlés de Force un all hir Frënn a Bekannten auszespriechen, déi sech d'Méi gin hun, haut derbäi ze sin, fir ons op déi Manéier hir Sympathien nees eemol ze beweisen.

E Merci dann awer selbstverständlech och un d'Press, de Radio an d'Televisioun, wéi och allen Instanzen, déi ons hëllefen, dës Feier schéin a wierdeg ze organiséieren. Dat sin d'Lampertsbierger Harmonie, d'Polizei, fir hir Beméihungen onse Cortège duerch de Verkéier ze bréngen, d'Direktioun vun de lëtzebuergeschen Eisebunnen, fir d'Erlabnëss dëse Meeting op hirem Territoire oofhalen ze därfen, an doduerch ville Komeroden a Frënn et méiglech ze maachen, nët de ganze Wee vun der Hollerecher Gare bis op de Kanounenhiwwel mussen zu Fouss ze goen.

Ech soen e speziellen a wärmste Merci all deene politesch Engagéierten déi duerch hir Participatioun un onsem Cortège sech offiziell zu onsen Belaangen bekennen. Ze ëntschëllegen hun ech, fir säi Feelen un dëser Journée, onse Komerod Jean Gremling, dee wéinst engem Openthalt am Ausland verhënnert as, mä op dien mir all kënnen zielen. Aus gesondheetlechen Ursachen kann den Här Paul Simonis, President vun der Elterenvereenegung fir d'éischte Kéier nët bei ons sinn, wuerfir hien sech entschëllegt.

Ech soen awer och all deene Merci, déi elo um Kanounenhiwwel ons hir Sympathien beweisen duerch hir Presenz do allem viirop deenen hirt Affer éieren, déi hirt Liewen fir d'Hemecht gin hun.

Oefschléissend soe mir dann awer och onse wärmste Merci dem Kannerchouer «Zonkebutzen» vun Hesper, deem seng jong Sänger um 5 Auer an der Herz-Jesu-Kiirch d'Mass mat hirem Gesank verschéineren, wéi och dem Komerod Jhempi Kemmer, deen als Oofschloss op der Uergel de Requiem fir en Enrôlé de Force spilt.

Léif Elteren!
Dir Dammen an Dir Hären!
Léif Komerodinnen an Komeroden!

Ons Generatioun huet zesummen mat ville gudde Lëtzebuerger am leschte Weltkrich e séier héige Blutzoll musse bezuelen. Et gouwen vill Doudeger, mir hun vill Invaliden an nach vill méi Kranker. Nët ëmmer si mir richteg verstane gin. Eng Belounung hu mir nie verlaangt. Mä fir Recht a Gerechtegkeet géintiwer deenen, déi nët méi ënner äis sin, fir hir Familjen a fir ons selwer, duerfir waren a si mir bereet ze streiden. Mir wëllen, dat den Affer, dee Lëtzebuerger fir Lëtzebuerg bruecht hun, nët emsoss war. Mir stin weider derfir an, dat déi Solidaritéit, wéi se am Krich ënnert de Lëtzebuerger war, och weider bestoe soll. Dat as d'Vermiechtnëss vun onsen Doudegen, déi mir haut éiren. Dat as dann och den déiwe Sënn vun der Journée Commémorative Nationale vun de Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force.

—o—

Sehr aufmerksam hatten die auf dem Bahnhofsvorplatz Versammelten den Ausführungen des Nationalpräsidenten Jos. Weirich zugehört und tosender Beifall wurde ihm nach Beendigung seiner sehr aufschlußreichen Ansprache gezollt. So mancher Kamerad und Kameradin unterhielten sich nachträglich, und hier und dort war zu hören: Also scheint das Jahr 1980 das der Wende zum Guten zu sein. Endlich---- endlich!



# Op dem Kanounenhiwwel

Programmgemäß formierte sich aufs Neue der Festzug, Musikgesellschaft und Fahnen voran. Durch die Avenue de la Gare, über die «alte Brücke» gelangten die zahlreichen Teilnehmer vor dem «Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise auf dem Kanonenhügel an. Hier wartete dann nochmals eine große Menschenmenge, welche zusammen mit den eben Angekommenen an der Gedenkfeier vor dem nationalen Denkmal teilnahm.

Neben den eingangs unseres Berichtes erwähnten Persönlichkeiten des öffentlichen Lebens notierten wir die Anwesenheit von Kammerherr Germain Frantz (er vertrat SKH Großherzog JEAN), Kammerpräsident Léon Bollendorf, die Minister Jacques Santer und René Konen sowie den Abgeordneten Camille Hellinckx.

Im Namen der «Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force» legten Jos. Weirich, Mady Nurenberg, Josée Reeff, René Mantz und Metty Scholer einen prächtigen Kranz vor der Ewigen Flamme nieder. Ueberdem spielte die Harmonie Municipale, Limpertsberg, die «Sonnerie aux Morts».

In Vertretung des Bischofs von Luxemburg, gedachte Dechant Jean Heinisch in einer kurzen Ansprache und anschliessendem Gebet der viel zu zahlreichen Luxemburger, die während der Besatzungszeit im Zweiten Weltkrieg ihr Leben hingegeben haben, damit Luxemburg wieder frei werde und seine Bürger wieder in Freiheit leben dürfen. Mit dem Wunsch, alle Luxemburger sollten wieder zu jener Solidarität zurückfinden, wie sie in dunklester Zeit der Unterdrückung praktiziert wurde, sprach Jean Heinisch in Worten das aus, was jeder Teilnehmer an dieser Gedenkfeier zutiefst empfindet.

Mit dem Abspielen der Nationalhymne «d'Hemecht« ging die erhebende Feier am Nationaldenkmal zu Ende. Die zahlreiche Teilnehmerschaft begab sich dann noch in das Innere des Denkmals, wo auf dem streng kalt konzipierten Innenhof jeder sich zum Gedenken an die toten Kameraden angespornt fühlt und man trug sich in das Goldene Buch der Fédération V.N.E. F. ein.

—o—

Als Abschlußakt der diesjährigen nationalen Gedenkfeier der Zwangsrekrutierten fand um 17 Uhr ein feierlicher Gottesdienst in der Herz-Jesu-Kirche in Luxemburg-Bahnhof statt. Zelebriert wurde er von Pfarrer und Kamerad Henri Treff, der einleitend ausführte:

«Mat Gefiller vun Dankbarkeet a Bewonnerung, vun Trauer an Hoffnung, si mir haut wéi all Joer an Kiirch komm, fir un déi ze denken, déi an de battere Joeren vum Krich hirt Liewen hiergin fir d'Fräiheet vun onser Hemecht. Si sin gestuerwen an engem grausamen, onmënschleche Krich, op de Schluechtfelder an an de Kazetter, duerch Kugelen, Honger a Keelt. Aus hirem bluddegen Affer as fir ons Hemecht Fräiheet a Fridden erwues. Fir dat si gelidden hun, jo gestuerwe sin, dat as dat, wat mir haut onst Glëck nennen. Iwert hire Griewer blénkt d'Fräiheetssonn. D'Monumenter zu hirer Erënnerung an den Dag vun haut sin e bleiwenden Opruff un ons all, d'Fräiheet an de Fridden ze schëtzen, en Opruff fir ons anzesetzen fir eng Welt oni Krich a Brutalitéit, datt mir ons engagéiren fir e Liewen, dat mënschlech a glécklech as. Mir wëllen nët traueren wéi déi, déi keng Hoffnung hun. Mir setzen ons Hoffnung op Jesus Christus, deen den Doud iwerwonnen huet, aus deem sengem Kräitz neit Liewen erstanen as. Sénger Guddheet vertraue mir ons Verstuerwen un. Hien biede mir och ëm d'Gnod, Haass nët mat Haass ze beäntwerten.»



Sehr wesentlich verschönert wurde die religiöse Feier durch die außergewöhnlich guten Darbietungen des Hesperinger Kinderchores „Zonkebutzen" unter der Leitung von Madame Astrid Barthel. Statt einer Homilie, oder dessen, was allgemein als eine Predigt angesehen wird, führte Kamerad und Leidensgefährte Henri Treff folgendes aus:

«Emmer erëm héire mir de Viirworf: „All dir déi der am Krich ward, halt dach endlech op domadden a begruewt mol eng Kéier, wat vergaangen as a wat d'Mënschen vun haut dach nët begräife kënnen".

35 Joer leien elo tëschend dem Enn vum Zweete Weltkrich an haut. 40 Joer sin et hir, datt mam Amarsch vun den däitschen Truppen d'Fräiheetssonn zu Lëtzebuerg ënnergong. Eng wirklech laang Zäit!

Awer mir wëllen haut drun denken an ons erënneren, fir et jo nëmmen nët ze vergiessen. Mir wëllen d'Undenken un ons Doudeg waachhalen.

Den Dag vun haut as virun allem en Dag, wou mir ons un all déi dausende Jongen a Meedercher erënneren, déi hirt jonkt Liewen hirgin hun, fir dat d'Fräiheetssonn nees an onsem Ländche blénke kann, an dat fir jiddereen, deen dra wunnt. Hirt Undenken an hir Éier waach ze halen, as Pflicht an Aufgab vun allen Enrôlés de Force, woubäi eigentlech all Lëtzebuerger sech ons uschléisse sollten.

Mir denken awer och un all déi vill Komerodinnen a Komeroden, déi zwar hir Hemecht erëm gesin hun, mä déi esou schwéier gezeechent waren, datt si am Laaf vun deene vergaangene 35 Joer fréizäiteg gestuerwe sin.

Mir wëllen awer och un déi 60 Milliounen Mënschen denken, déi duerch de leschte Weltkrich ëmkom sin.

Och déi wëlle mir nët vergiessen, déi haut ënnert onse gläichgëltegen Aen am Noen wéi am Fären Osten all Dag den Doud erleiden, déi hannert Prisongsmaueren a Géckenanstalten vun deene verschiddensten Systemer hir Fräiheet an Mënschewiirdegkeet geholl kruten. Mir duerfen all dës Gefoltert schon aléng duerfir nët vergiessen, well mir nët vergiessen duerfen, datt dës Schrécklechkéten méiglech waren an haut nach méiglech sin, an datt mir muer, wa mir keen Auswee fannen, selwer erëm d'Affer vun grad esou Grujhlechkeete sin.

Mir gedenken deenen Doudegen, déi duerch eng ongerecht Gewalt hu musse stierwen, fir all Gewalt ze iwerwannen an endlech ze begräifen, datt eng Mënschheet déi vu Gerechtegkeet a Fortschrëtt dreemt, all Kräften asetze muss, fir nët nach eng Keier an esou eng Barbarei ze verfalen. De Bléck no hannen, kann de Bléck no viir, an d'Zoukonft, nëmme schärfen. All, déi wéi mir esou eng Vergaangenhét hannerun sech hun, fillen sech opgeruff a verpflicht um Gléck vun der Welt matzewierken.

Komeroden, vergiesst ons nët! Esou ruffen déi Verstuerwen aus onsen Reihen ons zou.

Ons gefalen a verstuerwe Komerodinnen a Komeroden hun ons e Vermiechnes hannerlooss. An dat solle mir hidden. Mir sollen an därfen nët vergiessen, datt mir virum Härgott Verantwortung droen fir d'Zukunft vun onse Matmënschen, vun onsem Vollék; datt mir déi Gidder vu Glaw an enger chrëschtlech geprägter Kultur spéidere Generatiounen musse weidergin; datt mir Brécke schloe mussen vu Fridden a Verséinung, fir datt e neie Krich einfach onméiglech gët.

Mat aller Kloerheet musse mir erkennen, datt duerch e neie Krich d'Mënschheet aussiichtslos verluer as; wann si sech nët bekennt zou deene Grondsätz vu Respekt, Bridderlechkeet, vun der Gläichberechtigung vun alle Völker a Rassen. An dësem Beméihen stelle mir onst Vertrauen op den Härgott, seng Gnod an op d'Hëllef vu Maria, op déi mir a Krichszäiten ons Hoffnung gesat hun.

Wat kënne mir maachen? Ech wëll et ausdrécken mat de Wierder vun engem hellege Franziskus, dem grousse Frieddensstëfter vun der Mënschheet: Härgott maach mech zum Instrument vun dengem Fridden, datt ech Léiwt verbreeden, wou Haass geséit gët; datt ech verzeihen, wou ee mech kränkt; datt ech verbannen, wou Wonne geschloe gin; datt ech Hoffnung bréngen, wou Verzweiflung as.»

Nach diesen zweifelsohne beeindruckenden Worten unseres Kameraden Henri Treff, haben wir alle Muße und Gelegenheit zu meditieren, und nicht nur das. Wir müssen auch handeln, jeder für sich und dort, wo ihn das Leben hingestellt hat.

Als dann zum Schluß der religiösen Feier, Jhempi Kemmer in die Tastatur der Orgel griff und das von ihm eigens komponierte „Reqiem pour un enrôlé de force» interpretierte, wurde die Atmosphäre zur inneren Besinnlichkeit zu einem absolutem Maximum gesteigert.

Nachträglich kann man ohne Uebertreibung behaupten: Auch diese «Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force» ist tatsächlich eine gut gelungene und auf Landesebene hervorragende Gedenkfeier gewesen, und das nicht nur wegen ihres ehrwürdigen Charakters, sondern ebenfalls und ganz besonders wegen der zahlenmässig hohen Anteilnahme. Wahrhaftig, für Luxemburg eine einmalige, öffentliche Totengedenkfeier.

**Diekirch**


# De Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten (2)


Zënter eisem ischten Opruff am «Sacrifiés» sin elo etlich Méint vergaangen. Laut eisem Schreiwe vun deemals wär et un der Zeit, datt dat monumentalt Wiérk senger Verwiirklichkeet engeent giing. Eis Souskriptiounslëst hat een Erfollig, deen all eis optimistischst Erwaardungen iwertraff huet. All Instanzen, un déi mir eisen Appell geriicht haten, un ischter Stell eis zwangsrekrutéiert Komeroden, d'Majoritéit vun eisen Sektiounen, déi eenzel Associatiounen an eng Onmass vu Privatledden hun eis mat engem generéise Beitrag ënnerstëtzt an eis doduurch bis an d'Déifst beréiert an encouragéiert. Déi Sympathien, déi eis do entgeentbruecht se gin, beweisen, datt d'Erënnerung un déi batterst Zeite vun der Letzeburger Jugend an d'Eierung vun de Gefalenen an alle Schichten vun der Bevölkerung viruliewt an datt, entgeent alle verleumderische Behaaptungen, d'Problemer vun den Enrôlés de Force nach hètt dat Letzebuerger Vollek uspriechen a bei him Verständnis fannen. Un eis as et, duurch eng entsprechend würdeg Haltung déi Frënn (mir kënnen se wiirklech sou nennen) nët ze enttäuschen. Un eis «Dikricher Jongen» as et, all eisen Donateuren Opschloß ze gin, wéi et elo mat der Réalisatioun vum Calvaire steet.


D'Lag vum Kräizwee hate mir léch beschriwen als «Lieu de recueillement et de pèlerinage». Den terrain hat all Viraussetzungen dorzou. Mais jhust, wéi mam Aménagement sollt ugefaang gin, as de Biérg gerutscht a Fachlett hu festgestallt, datt keng Garantien do wären fir eng nei Rutschgefahr auszeschléissen. Dorop hin as et dun op d'Sich no engem aneren, genau sou gëegneten Terrain. No enger Reih vun Entrevuen mat de Gemengeninstanzen, no ville Besichtigungen an Iwerleeungen, déi Wochen a Méint an Usproch geholl hun, gouf dun eng Léisung fond, déi allen Usprëch gerecht gët an déi eis schlussendlech begeestert huet.

Am westlechen Agank vun Dikrich, déiseit der Sauer, leit ee Weiher, dem seng Ufere mat mächtege Bäm bewues sen, déi sech am stëlle Waasser rëmspigelen. Laanst dee Weiher féiert ee riichte Pad, deen elo serpetinartig verzu soll gin an deem seng Ränner sou aménagéiert gin, datt si déi 14 Statiounen ophuele kënnen, wéi léch de Situatiounsplang hei weist.

**SITUATIONSPLANG**









*I. Statioun:*
*Déi deutsch Wehrmacht fällt geent all Völkerrecht a Letzeburg an.*

*II. Statioun:* *(riets uewen)*
*D'Zwangsrekrutéierung vun de Jahrgäng 1920-24 göt vun der deitscher Zivilverwaltung proklaméiert.*

*III. Statioun:* →
*Een Exekutiounspeleton erschéisst Letzeburger Patrioten, déi geent déi deitsch Verordnung gestreikt hun.*



Déi ganz Anlag as vun engem unerkannte Paysagiste entworf an de Kräizwee verbënd sech als ofgeschlossene Komplex harmonisch mat dem Gesträich, de Bäm an de Planze vun der Emwelt.

Vis-à-vis dovun, dësseit der Sauer, si virun der «Aler Schwemm» nei Parkplazen erschloss gin. Eng stilvoll hëlze Foussgängerbréck féiert op de Sauerpad vun der aner Seit an no engem klenge Spazéiergank erreecht een dann direkt d'Kräizweeanlag, déi also wiirklech rëm als lieu de recueillement ugesi ka gin. No un der Uertschaft geléen, an dach onberéiert vum Verkéier, an enger beschaulicher Naturlandschaft, liicht erreechbar vun deenen aménagéierte Parkplazen aus, as deen ausgewiéltten Terrain wiirklech als ideal ze bezeechnen.

Mir rechnen et eisem Schäffen- a Gemengerot héich un, datt si eisem Projet suvill Verständnis an Unerkennung entgeentbruecht hun. Mir soen hinnen ee gruusse Merci, datt si eis deen idealen Terrain zur Verfügung stellen an eis d'Mëttele gin, déselwichten z'aménagéieren.

An der Zwëschenzeit as awer un de Statiounen selwer dichtig virugeschafft gin. Eis Kënstler, déi mir léch an engem nächsten Artikel virstelle wëllen, hun hir Projets'en zu eiser vollster Zefriddenheet souweit zu Enn bruecht. D'Gedenkplaquen, déi déi eenzel Szeenen aus dem Leidenswee vun den Enrôlés duerstellen, si wiirklech sou geroden, datt si ouni vill Erklärungen fir sech schwätzen, wéi Dir et op de Photen vun eenzelne färdige Plaquen hei feststelle kënnt.

Déi 1,87 m héich Obelisken, an déi d'Gedenkplaquen agefaast gin, sen an Arbicht. Déi 14. Statiuon, déi de Merci un all déi, déi irgendwéi den Enrôlés gehollef hun, symboliséiere soll, as am Plang färdig a mir wärden léch se an engem Extraartikel virstellen. Den hettige Stand vun den Aarbichten erlaabt eis, mat enger gewësse Secherheet d'Inauguratioun vum Calvaire fir d'Fréijar 1981 festzesetzen an dann dat eenzigartigt Wiérk vun nationaler historischer Bedeitung alle Letzeburger zum Besuch freizegin.

Weider Eenzelheete veréffentliche mir an den nächsten Artikelen.


D'Amicale Ons Jongen
Dikrich

## Calvaire Diekirch

**Se liste de souscription**

| | |
|---|---|
| Report: | 675.400,— |
| Boettel Marcel, Diekirch | 500,— |
| Hollerich Jean, Useldange | 1.000,— |
| Kirpach-vanDyck Roger, Fennange | 500,— |
| Kerschen-Hurt Lucien, Soleuvre | 500,— |
| Koppes-Wirth Camille, Wiltz | 200,— |
| Heintz-Kohner Erny, Ettelbruck | 500,— |
| Brasserie de Diekirch, Diekirch | 10.000,— |
| Mme Vve Schmitz-Poecker Anne, Diekirch | 5.000,— |
| Even Jean-Pierre, Wiltz | 1.000,— |
| Enrôlés de Force, section Hesperange | 1.000,— |
| Hess Georges, Luxembourg | 500,— |
| Administration communale de Bettendorf | 5.000,— |
| Diederich Jean, Mertert | 500,— |
| Thill-Arend Ferd., Pétange | 200,— |
| Grunig Joseph, Troisvierges | 500,— |
| Pixius Edmond, Luxembourg-Kirchberg | 500,— |
| Buck-Wagner Aloyse, Medernach | 500,— |
| Altman Pierre, Luxembourg | 1.000,— |
| Thillens Jean-Pierre, Wiltz | 300,— |
| Amicale des Enrôlés de Force, Wiltz | 3.000,— |
| Kneip Marcel, Differdange | 200,— |
| Trauffler-Closter Ernest, Diekirch | 300,— |
| Erzen Ernest, Diekirch | 500,— |
| Total francs: | 708.600,— |

*VIII. Statioun:*
*Un alle Krichsfronten verbludde Letzeburger Jongen.*



## Echternach

Le Comité de l'Amicale den Enrôlés de Force, section d'Echternach, présente sa nouvelle composition et la répartition des charges.

Campill Paul, Président

Scholer-Holz Lou, Vice-présidente

Thill Fernand, Secrétaire

Follmann Roger, Trésorier

Arnold Georges, Bockler J. Peirre, Schaffer Pierre, Stephany Albert, Storck Albert, Weis Camille, Membres.

La correspondance est à adresser au nouveau secrétaire
Fernand Thill
43, rue Krunn, Echternach.





# Freie Tribune bei RTL

Im Rahmen der Sendungen, die den politischen Parteien Luxemburgs vorbehalten sind, übertrug RTL am Montag, den 15. September 1980 um 13.00 Uhr ein «face-à-face»- Gespräch zwischen den E.d.F. und der CSV. Thema dieser Sendung war: «Die Probleme der Zwangsrekrutierten. Für die Ed.F. sprach Jos. Weirich, E.d.F.-Abgeordneter und Präsident der «Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force», und für die CSV, Edouard Juncker, CSV-Deputierter, Zwangsrekrutierter und Bürgermeister.

Das Gespräch eröffnete **Jos. Weirich,** indem er darlegte wieso und warum es eigentlich in Luxemburg zu dem heiklen Problem der Zwangseinziehung gekommen ist. Während 30 langen Jahren hätten die E.d.F. beharrlich darauf bestanden, daß die Fehleinschätzung und Fehldarstellung des patriotischen Verhaltens einer ganzen Generation, wie dies sich aus einem luxemburgischen Gesetz ergebe, ausgemerzt werden. Es handelt sich hier um die Angehörigen der Jahrgänge von 1920 bis 1927, welche im Zweiten Weltkrieg der illegalen und menschenrechtswidrigen Zwangseinziehung zum Militärdienst des deutschen Okkupanten unterworfen worden waren. Die derzeitige Regierung habe ingesehen, daß dieses Problem ohne Verzögerung endgültig gelöst werden müsse. Offiziell bestätigt wurde dies erstmals im Text der Regierungserklärung vom 24. Juli 1979. Die Verhandlungen zwischen einer Regierungsdelegation und einer solchen des Föderationsvorstandes der V.N.E.F. hätten als Resultat ergeben, das von Staatsminister Pierre Werner am 5. September 1980 vorgelegte Gesetzesprojekt. Zwar sei dieses Projekt textlich nicht das, wie die E.d.F. es sich vorgestellt hätten, doch habe man sich im Zentralvorstande, nach eingehender Analeyse, damit einverstanden erklärt, weil die nun vorliegende Formel einer Lösung jedwede Diskriminierung abschaffe, demnach die Zwangsrekrutierten Genugtuung erhalten würden.

Die Vertreter der Regierung hätten dann weiter versprochen, die Gesetzesvorlage unverzüglich auf den Instanzenweg zu bringen, sobald die Landesdelegierten der E,d.F. ihr Einverständnis dazu gegeben hätten. Anschliessend an die Haushaltsdebatten könne dann etwa im Januar 1981 die Abgeordnetenkammer darüber befinden und gegebenenfalls ihren Segen dazu geben.

Damit wäre dann das bedauerliche Kapitel (es hätte nicht sein sollen!) in der Nachkriegsgeschichte der Zwangsrekrutierung abgeschlossen. Erinnernt machte Jos. Weirich geltend, daß mit der nun erfolgenden Regelung des Zwangsrekrutiertenproblems keinem Angehörigen der übrigen patriotischen Gruppierungen Luxemburgs in keiner Hinsicht auch nur irgendwelche moralische oder materielle Benachteiligungen entstehen.

**Ed. Juncker** (CSV) gab seinerseits der Freude Ausdruck, daß nun ein Gesetzprojekt vorliege, mit dem endlich das leidige Problem der Zwangseinziehung definitiv gelöst werden kann. Wie Jos. Weirich vorhin erklärt habe, sei der Zentralvorstand zur Ueberzeugung gelangt, daß der Vorschlag der Regierung annehmbar sei. So werde dann die große Diskriminierung der Zwangsrekrutierten abgeschafft, was sowohl vom Präsidenten der E.d.F., Jos. Weirich, wie ebenfalls von allen Zwangsrekrutierten mit sichtlicher Freude begrüßt werde. Der unermüdliche Einsatz und die Ausdauer der Vertreter der E.d.F., die Einigkeit und das Zusammenstehen aller E.d.F. während drei Jahrzehnten, all das habe sehr viel dazu beigetragen, daß das leidige Problem nun doch noch gelöst wird.

Vor drei Jahren habe er, Ed. Juncker in der Abgeordnetenkammer das Problem der Zwangsrekrutierung aufgeworfen. Daß es bis dato zu keiner Lösung gekommen sei, dafür gebe es allerlei Gründe und alle politischen Parteien wären daran mitschuldig, die einen mehr als die anderen, daß eine annehmbare Lösung immer wieder verschleppt wurde. Wir, die E.d. F., sind im Kriegsschädengesetz vom 25. Februar 1950 zu Bürger zweiter und dritter Klasse gestempelt worden. Mit dem Gesetz vom 25. Februar 1967 kam der damalige Gesetzgeber vielen Forderungen der Zwangsrekrutierten nach. Wir wurden als Naziopfer anerkannt; den Toten aus unseren Reihen wurde der Titel «Mort pour la Patrie» zuerkannt; die Witwen und Waisen unserer toten Kameraden sowie die Kriegsversehrten wurden moralisch und materiell gleichgestellt mit den patriotischen Opfern; es kam zur Anrechnung der Kriegszeiten zur Pension; das «Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise» wurde errichtet. Dann kam es weiter zur Verabschiedung des bedeutenden Gesetzes vom 26. März 1974, dem zufolge den Naziopfern Pensionszuschüsse gewährt werden, die wegen Invalidität frühzeitig pensioniert werden oder gestorben sind.

Das waren bemerkenswerte Leistungen, die ihr Ziel nicht verfehlten und bei den E.d.F. größtenteils mit Genugtuung aufgenommen wurden. Jedesmal, wenn den Zwangsrekrutierten geholfen wurde, sei die CSV mitverantwortlicher Regierungspartner gewesen. Aber auch die Resistenzler hätten ihren Beitrag geleistet, damit es zur Besserstellung der E.d.F. komme, genau wie sie bereits während der Kriegszeit zu ihren Jungen und Mädchen standen und vielen aus unseren Reihen geholfen hätten, sich dem Zugriff des nazistischen Okkupanten zu entziehen. Heute wie damals sind wir ihnen

# *Amicale des Anciens de* TAMBOW

*Sous le Haut Patronage de son Altesse Royale le Grand-Duc*
*Sous le Patronage du Président et des Membres du Gouvernement*
*et sous le Patronage de la Ville de Luxembourg*

*A Luxembourg-Ville,*

**Dimanche, le 9 novembre 1980**

# Commémoration du 35ème Anniversaire du Retour de Captivité

## PROGRAMME

8,45 h. RASSEMBLEMENT à la salle des fêtes du Centre Convict, 5, avenue Marie-Thérèse, Luxembourg.

Les places doivent être prises à 9 heures

9,00 h. Accueil des Personnalités et des Invités.

9,15 h. SEANCE ACADEMIQUE encadrée par le quatuor à cordes de la Musique Militaire.

Allocution de bienvenue par Monsieur Mathias Scholer, Président de l'Amicale des Anciens de Tambow.

Discours de Monsieur Pierre Werner, Président du Gouvernement.

10,30 h. MESSE COMMEMORATIVE en l'église Sacré-Coeur, Luxembourg-Gare, célébrée par l'abbé Marcel Ripp, un ancien de Tambow, chantée par la Chorale des Anciens de Tambow avec le concours du quatuor à cordes de la Musique Militaire.

11,15 h. DEPART DU CORTEGE vers le Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise avec la Musique des Services Industriels de la Ville de Luxembourg.
Dépôt de fleurs — Sonnerie aux Morts — Hémecht.

11,45 h. RECEPTION offerte par la Municipalité à l'Hôtel de Ville

13,00 h. DEJEUNER au CENTRE CONVICT, 5, avenue Marie-Thérèse.

Menu:

Bouchée à la Reine
Jambon braisé sauce Madère
Petits pois et carottes
Pommes purée
Tarte aux pommes
Café

Prix du Menu 500,- frs (T.V.A. et Service compris)

---

N.B. Wien um Iessen wöllt délhuelen, soll bis den 3. 11. 80 seng 500 frs op den CCP 24007-48 (Amicale des Anciens de Tambow) iwerweisen. Och eis Dammen si wëllkomm. D'Quittung ass beim Banquet virzeweisen.